# Nei Tariffer fir den Offall

Ierpeldeng-Sauer

Den Offall-Syndikat SIDEC huet Uganks des Joers decidéiert d'Tariffer fir den Offall vum 1. Juli 2024 un substantiell ze héijen. Dëst ass néideg ginn, nodeems de SIDEC déi lescht Joren huet missen un d'Reserve goe fir d'Käschten ze decken. D'Gemenge mussen dës Hausse leider un hir Bierger weider ginn, nom Prinzip "pollueur-payeur". Dat heescht wee Knascht mécht, muss och dofir bezuelen. Den Ierpeldenger Schäffen- a Gemengerot huet a senger Sëtzung vum 3. Juni 2024 awer unanime eng aner Präisstruktur, wéi déi vum SIDEC decidéiert. Effektiv geet de Präis pro Liter Offall beim SIDEC erof, wann ee méi eng grouss (gro) Dreckskëscht, also méi Knascht huet. Dat huet dem Ierpeldenger Conseil ongerecht geschéngt an dofir gëtt et an der Gemeng Ierpeldeng-Sauer dee selwechte Literpräis fir jiddereen. Deen also méi eng grouss Poubelle huet, bezilt och méi (pollueur-payeur). Dat bedeit konkret, dass d'Hausse fir eng 360 Liter (gro) Poubelle vill méi substantiell ass, wéi déi vun enger 60 Liter Dreckskëscht. Et rentéiert sech also manner Knascht ze maachen an also z'iwwerleeën ob een net seng aktuell Poubelle géint eng méi kleng sollt austauschen. Op der Gemeng kritt der gären déi néideg Explikatiounen dozou.

Um Enn nach dës Präzisioun : déi brong (60 Liter), blo (120 oder 240 Liter) a gréng (120 Liter) Poubelle bleiwen och an Zukunft gratis. Den Dreck trenne mécht sech also och bezuelt. Déi nei Tariffer gëlle vum 1. Juli 2024 un.




**Article 4: Taxe fixe par récipient pour les déchets ménagers en mélange (récipient gris)**

Une taxe fixe annuelle est due en fonction du volume du récipient pour déchets ménagers en mélange :

| taxe fixe annuelle en € par volume du récipient | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 60 L | 80 L | 120 L | 180 L | 240 L | 360 L |
| 111,00 € | 148,00 € | 222,00 € | 333,00 € | 444,00 € | 666,00 € |

**Article 5: Taxe de vidage pour les déchets ménagers en mélange (récipient gris)**

Une taxe de vidage est due pour chaque vidage individuel réalisé du récipient en fonction de son volume:

| taxe par vidage en € par volume du récipient | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 60 L | 80 L | 120 L | 180 L | 240 L | 360 L |
| 2,25 € | 3,00 € | 4,49 € | 6,74 € | 8,99 € | 13,48 € |







**GRATUIT**